LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Famille, des Solidarités,
du Vivre ensemble et de l'Accueil

**Äntwert vum Minister fir Famill, Solidaritéit, Zesummeliewen an Accueil, Max Hahn op d'parlamentaresch Fro n°4063 vum honorabelen Deputéierten Dan Hardy iwwer d'Hygiènesconditiounen a Kontrollen an den ONA-Strukturen.**

1. *Wéi eng spezifesch Onreegelméissegkeeten, Mängel oder Verstéiss goufe bei den Inspektioune vun esou Strukturen zu Lëtzebuerg festgestallt?*

2. *Firwat huet de Ministère keng präzis Informatiounen zu de Problemer ginn, déi an de Strukture festgestallt goufen?*

3. *Ginn déi betreffend Informatiounen eventuell zu engem spéideren Zäitpunkt publizéiert?*

Den honorablen Deputéierten huet an der parlamentarescher Fro n°3962 no den Inspektiounen an den ONA-Strukturen an de wichtegsten Erkenntnisser an deem Kader gefrot. A menger Äntwert hunn ech ënner anerem erkläert, dass den technesche Service vum ONA am Joer 2025 insgesamt 5.000 Interventioune realiséiert huet. D'Interventioune hunn haaptsächlech elektresch Installatiounen, Miwwelen, sanitär Installatiounen, Haushaltsapparater souwéi Dieren a Fënsteren betraff.

Fir an de verschiddene Strukture séier kënnen anzegräifen, ass den technesche Service vun der ONA op zwee Sitte verdeelt: een zu Hesper an een zu Tandel. Vun de 5.000 Interventioune goufen der 3.550 vum Site zu Hesper aus duerchgefouert an 1.450 vum Site zu Tandel.

Zousätzlech sief nach eng Kéier preziséiert, dass d'Sektioun „Qualité et Statistiques" vum ONA Qualitéitskontrolle vun de Leeschtungen an och vun den Ënnerbréngungsstrukturen no enger kloer definéierter a reegelméisseger Prozedur duerchféiert. Ausserdeem sinn d'Gestionairë vum ONA permanent um Terrain a gräifen an, soubal si technesch oder sanitär Problemer feststellen oder eng Meldung vun der Sektioun Qualité kréien. Si huelen dann déi noutwendeg Schrëtt fir d'Reparaturen direkt an d'Weeër ze leeden. Ofhängeg vun der Struktur ginn d'Aarbechten entweder vun externe Prestataires oder vum technesche Service vum ONA ausgefouert.

Fir weider Detailer sief op d'Äntwerten op d'parlamentaresch Froen n°3692 an n°3336 verwisen, an deenen déi verschidden Froen iwwer d'Qualitéitskontroll an den ONA-Strukture behandelt ginn.

Lëtzebuerg, den 16. Juni 2026

Minister fir Famill, Solidaritéit, Zesummeliewen an Accueil

(s.) Max Hahn